N°7445
Entrée le 16.01.2023

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7445 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert d'Ausbezuelen vum "Revenu d'inclusion sociale (Revis)" an dem "Revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH)".**

**1)**

Den Artikel 2 (1) a) vum modifizéierte Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de "Revenu d'inclusion sociale (Revis)"gesäit vir, datt den Demandeur en Droit de Séjour muss hunn, am Registre principal vum Registre national des personnes physiques ageschriwwen ass an effektiv do wunnt wou en ugemellt ass.

De "Revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH)" gesäit änlech Konditioune vir.

Am Kader vun der Instruktioun vun dësen Demandë muss de Fonds national de solidarité (FNS) dës Residenzkonditioun iwwerpréiwen.

D'Exigenze vum FNS fir ë Relevé d'identité bancaire vun enger lëtzebuergescher Bank ze froen huet dem FNS an deem Zesummenhang eng zousätzlech Garantie ginn, datt Residenzkonditioun erfëllt ass.

Bis elo huet sech och nach kee Problem mat daer Konditioun gestallt, och net juristescher Natur

**2)**

Au vu vun de renforcéierte Contrôle fir Abus'en ze evitéieren (**Créatioun** vun engem Service Répression des Fraudes) ass déi Exigenz awer iwwerflësseg, d'autant plus datt se jo näischt iwwert déi effektiv Residenz vum Demandeur ausseet.

Den FNS ass also bereet fir op déi Exigenz ze verzichten an d'Relevé d'identité bancaire vun auslännesche Konte wäerten dann och an Zukunft acceptéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 13.01.2023

D' Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen